N°2070
Entrée le 11.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit a fir d'Travaux publics weiderzeleeden:

„Am Juli 2024 ass déi nei Ëmgeeungsstrooss vu Clierf, déi sou genannt "Transversale de Clervaux" opgaangen. Dës wichteg Verkéiersverbindung soll zu enger Entlaaschtung vum Trafic duerch d'Abteistad féieren.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit a fir d'Travaux publics follgend Froe stellen:

- Wéi vill Gefierer si virun der Ouverture vun der Transversale dagdeeglech duerch Clierf gefuer?
- Ass et méiglech fir do jee no Kategorie vu Gefier z'ënnerscheeden?
- Wéi vill Gefierer fueren elo Dag fir Dag iwwer déi nei Transversale? Gëtt et do scho Miessungen? Ass et also méiglech fir d'Entlaaschtung vun der Uertschaft Clierf ze quantifizéieren?“

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten